N°2079
Entrée le 02.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul op d'parlamentaresch Fro n°2079 vum 12. Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

Lëtzebuerg wëllt sech generell als oppenen an attraktive Fuerschungsstanduert positionéieren an Talenter aus der ganzer Welt unzéien, fir d'Diversitéit an d'Qualitéit vun eiser Fuerschunglandschaft ze stäerken. D'Attraktioun vun internationalen Talenter an der Fuerschung ass eng strategesch Prioritéit.

Aktuell gesi mir effektiv e wuessenden Interêt vu Fuerscher an den USA, fir sech Richtung Europa an och Richtung Lëtzebuerg ze orientéieren, a mir wäerten déi Evolutioun natierlech verfollegen. An deem Kontext ginn et schonn eng Rei Finanzéierungsinstrumenter op déi mir kënnen zeréckgräife fir international Fuerscher unzezéien, onofhängeg vum Land wou si hierkommen, wéi d'Programmer PEARL an ATTRACT vum nationale Fuerschungsfong FNR. PEARL huet zum Zil, etabléiert international Fuerscher a strategesch wichtege Fuerschungberäicher unzezéien, wärend ATTRACT viséiert, villverspriechend jonk Fuerscher an den nationale Fuerschungsprioritéiten op Lëtzebuerg ze zéien, fir hei eng Fuerschungsekipp opzebauen. Béid Instrumenter sinn 2024 extern evaluéiert ginn, an d'Resultater vun dëser Evaluatioun hu gewisen, dass et sech ëm wichteg Outilen handelt fir de Lëtzebuerger Fuerschungsekosystem geziilt ze stäerken. D'Regierung wäert dës Instrumenter mat punktuellen Upassungen an Zukunft weiderféieren.

Doriwwer eraus hunn eis ëffentlech Fuerschunginstitutioune mat *Research Luxembourg* eng Plattform fir sech zesummen international ze promouvéieren. De Fuerschungs- an Héichschoulministère schafft och aktiv am interministerielle Kommitee fir *Talent attraction* mat, wou am Kader vun de lafenden Initiativen, wéi der Ausschaffung vun engem nationale Portal fir d'Attraktioun vun Talenter, och de Volet vun der Fuerschung mat afléisst.

Natierlech sinn och europäesch Programmer wichteg, wéi déi prestigiéis Finanzementer vum *European Research Council* oder d'Marie Slodowska Curie-Aktiounen, a Lëtzebuerg ënnerstëtzt Initiative fir dës europäesch Instrumenter auszebauen. Lëtzebuerg ass och Deel vum pan-europäesche Reseau *Euraxess*, deen zum Zil huet, d'Mobilitéit vu Fuerscher ze encouragéieren an ze vereinfachen an och international Fuerscher unzezéien. Diskussiounen iwwert eng méiglech europäesch Initiativ am Beräich vun der Attraktioun vun Talenter aus den USA wäerte mir iwwert d'Kommiteeën an Aarbechtsgruppe vum Europäesche Fuerschungsraum aktiv verfollegen.

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie OBERTIN